

# DE FELIX

## 2021

# IMPRESSUM

**EDITEUR**
Association des Cercles d'Études
Luxembourgeois a.s.b.l. (ACEL)

2, avenue de l'Université
L-4365 Esch-sur-Alzette

Tél.: (+352) 20 60 84 84
www.acel.lu | contact@acel.lu

**REDAKTIOUN**
ACEL-Comité

**KOORDINATIOUN**
Benjamin KINN
Ann BERTEMES
Cédric HEINTZ

**GRAFIK, LAYOUT**
Lara SCHNEIDER

**FOTOEN**
ACEL-Comité
Tiziana MORANDINI
Oli FRISCH

**OPLAG**
250 Exemplarer

**DROCKDATUM**
Dezember 2021

# INHALTSVERZEECHNES


Virwuert ........................................................... 01

Dem Felix säi Rätsel ........................................... 02

Dem Felix säi Gedicht ......................................... 03

ACEL´s Joer 2021 ................................................ 05

- ACEL´s Joer an Zuelen ........................................ 05
- ACEL Kalenner ..................................................... 06
- ACEL Comité ........................................................ 12

Intercerclen 2021 ................................................ 16

Evenementer 2021 ............................................... 18

- Student fir 1 Dag - Luxembourg Edition ......................... 18
- Studentefoire ....................................................... 21
- De Studentebal ..................................................... 22
- REEL 2021 zu München ......................................... 24



# VIRWUERT



**Léif Lieserinnen, Léif Lieser,**


Elo wou der de Felix am Grapp haalt, ass eppes sécher ; d'Feierdeeg sti virun der Dier an d'Joer ass esou gutt ewéi eriwwer. Jo schon erëm e Joer mat där enger oder anerer lëschteger Geschicht geet op en Enn, an déi beschte Plaz fir déi ze erzielen ass wuel de Felix.
Domat maache mir dann och en Réckbléck op dat zweet Joer an enger Pandemie, an där nach ëmmer villes anescht war. An awer hu mer probéiert alleguer zesummen dat bescht draus ze maachen an Alternativen ze sichen. Vill grouss a virun allem traditionell Eventer, hu mer missen emplangen an nei gestalten, an awer konnten se stattfannen, de Succès ass dobäi net ausbliwwen. Dovu kënnt der iech op den nächste Säite selwer iwwerzeegen ; mat e puer Zuele – keng Angscht et si keng Corona Zuele – witzege Geschichten an Anekdoten.
Wann ech d'Virwuert vum Felix schreiwen, heescht dat och dass meng Zäit als President vun der ACEL domat op en Enn geet. No 3 Joer voller Events, neie Fréndschaften a ville flotten Erfarungen ass et un der Zäit vir weiderzezéien. All déi Jore ware gefëllt mat onvergiesslechen Erfarunge vir déi ech immens dankbar sinn. Virun allem hunn déi dräi Joer mer gewisen, dass mat Solidaritéit an Engagement vun all eenzelen aus der Cercles Welt Grousses méiglech ass, an vir déi Chance sinn ech immens dankbar.
Ech hoffen dir hutt vill Freed beim liese vum Felix an dem nächsten ACEL Comité an de Cerclë wënschen ech en hoffentlech bessert Joer 2022.

Ech hoffen dir genéisst är Feierdeeg a virun allem, bleift gesond.

**Benjamin Kinn**
*President*

# DEM FELIX SÄI RÄTSEL

1. Ween aus der ACEL hätt gären en Dackel ?
2. Wéi vill Vullen hu mir op der REEL gesinn ?
3. Wéien Cercle huet am meeschten Gas ginn op der REEL ? (Stad ausschreiwen)
4. Ween schenkt dem Sven gäre Kaddoen ?
5. Mat wat kann d'Lynn guer net ëmgoen ?
6. Ween ass Geograf aus der ACEL ?
7. Ween fënnt sech am coolsten ?
8. Wou kann een den Prix de consommation gewannen ?
9. Wat mëscht d'Michelle gären bei all Geleeënheet ?
10. Ween aus der ACEL ass séikrank ?
11. Wou huet den Sf1D an d'Studentefoire statt fonnt ?
12. Mat wéi engem Numm ass den Cédric vu Wien op der REEL ronderëm gelaf ?




Bréng eis um Tournoi de Noël däi Rätsel laanscht a gewann mat e bësse Chance 1 Meter Béier!

# DEM FELIX SÄI GEDICHT

**D'ACEL an säi Joer,**
**hei mol ganz kloer!**

De Virus ass leider nach net giess
D'Studentenliewen hu mir scho bal vergiess
En weidert Joer ass bal eriwwer
An elo gi mir schonn an dat nächst iwwer

Op der Couche hu mir gechillt
vill online zesumme gespillt
Beienee konnte mir net sinn
An d'Uni net vu banne gesinn

En Insta Quiz sollt iech ennerhaalen
Gestallt goufe witzeg Froen
Dei iech all gutt sollt gefalen
Fir déi Zäit gutt ze erdroen

Vermësst hu mir de Sf1D ganz vill
Am Abrëll um Belval dunn probéiert
Och mat Corona hu mir dat geréiert
Fir d'Uni krute Schüler hei e gutt Gefill

De Studentebal am Juli sollt net sinn
An de September ass en verréckelt ginn
Et war e gutt Stéck méi kal
Mee trotzdeem e super Bal

Mee wou sinn mir dunn gelant
Schonn nees en Béier an der Hand
D'Münchner REEL - mir hu gutt gelaacht
An gefeiert dass et richteg kraacht

D'online Foire war leider e Flopp
Journée de rencontre hu mir genoss
D'Foires lessen hu mir fonnt Topp
An de Béier ass gutt gefloss

Nacheemol mat iech feiere welle mir
De Sport steet hei ganz vir
Um Tournoi de Noël soll dat sinn
Mir freeën eis iech all hei ze gesinn

D'ACEL gëtt fir d'Studente voll Gaass
Zesummen hate mir vill Spass
Mat vill Häerz ware mir fir iech do
Och nächst Joer gi mir alles - keng Fro!

Text: Sven, Yannick, Polina

# PSST... TU ES DÉJÀ AU COURANT ?

## Demande dès maintenant la nouvelle tranche de ton prêt CEDIES via S-Net Mobile !



**Avec SPUERKEESS, la 1ère banque à proposer ce service, tu n’as donc plus besoin de te déplacer en agence pour ton prêt CEDIES.**

**C’est tellement FACILE et PRATIQUE !**


axxess

SPUERKEESS.LU/cedies

*Banque et Caisse d’Epargne de l’Etat, Luxembourg, établissement public autonome 1, Place de Metz, L-2954 Luxembourg, R.C.S. Luxembourg B30775*

# ACEL'S JOER 2021

# AM IWWERBLÉCK



# ACEL KALENNER

## DEZEMBER 2020



| | |
|---|---|
| 26 | ACEL Wanter AG |
| 27 | Interview 100,7 |
| 27 | Interview Luxemburger Wort |
| 27 | 1. CV |
| 30 | Info CV |
| 30 | Regrupp CV |
| 30 | Konten iwwerschreiwen |

## JANUAR

| | |
|---|---|
| 3 | Repré CV |
| 4 | SI - ENAD |
| 5 | RV Logomotif |
| 6 | Entrevue Spuerkeess |
| 7 | Interview 100,7 |
| 11 | Info CV |
| 13 | Regatta Meeting |
| 14 | RV Logomotif |
| 18 | Digitalen Neijoerschpatt<br>Benjamin Kinn |
| 18 | Call Jugendrot |
| 18 | Interview Chamber TV |
| 19 | Digitalen Neijoerschpatt<br>Xavier Bettel |
| 20 | Digitalen Neijoerschpatt<br>Jean Asselborn |
| 21 | Digitalen Neijoerschpatt<br>Claude Meisch |
| 21 | Call – Espace Medias |
| 21 | vSI – LCD |
| 24 | Info CV |
| 24 | Call REEL |
| 27 | Interview Revue |
| 27 | Call VP |
| 28 | Kontrakt BCEE |
| 28 | Entrevue Luxair |
| 30 | Repré CV |
| 31 | Regrupp CV |

## FEBRUAR

1 Entrevue VDL
1 Interview Eldo – vSf1D
1 Regrupp CV
5 Call CMCM
5 Entrevue UNEL
6 2. CV
7 **Instaquiz**
(bis 8. Februar)
9 Call SNJ
10 Entrevue Student +
12 Artikel Luxemburger Wort
12 vSI LTPS
14 Repré CV
15 Info CV
18 Entrevue Competence Centre/
Uni.lu
19 **vSf1D**
Lausanne, Aberdeen
20 **vSf1D**
Rotterdam,Groussbritannien
21 **vSf1D**
Oxford, Ohio
24 vSI Geesseknäppchen
25 Sf1D Call
27 Si Lycée du Nord Wiltz

## OOFKIERZUNGEN*

AG Assemblée Générale
Aidefi Comission des aides financières
CV Comitésversammlung
KT Klausurtagung
Sf1D Student fir 1 Dag
SI Studieninfo
VP Vizepresident:in

## MÄERZ

| | |
|---|---|
| 1 | AideFi |
| 1 | Info CV |
| 3 | Artikel Luxemburger Wort |
| 5 | SI LTPES |
| 10 | Repré CV |
| 10 | Conseil Supérieur Jeunesse |
| 10 | Info CV |
| 11 | Entrevue MESR |
| 12 | Regrupp CV |
| 12 | Artikel Luxemburger Wort |
| 12 | SI – ALR |
| 12 | SI - Lycée Mathias Adam |
| 13 | 3. CV |
| 17 | SI – Fieldgen |
| 21 | Repré CV |
| 22 | Call VP |
| 23 | Call Student+ |
| 24 | Artikel Luxemburger Wort |
| 25 | Interview Eldo – Sf1D |
| 26 | Entrevue MESR Studentefoire |
| 26 | Interview 100,7 - Studentefoire |
| 27 | Jury Jugendpräis |
| 29 | RDV Fonds Belval |
| 29 | vSI – ENAD |

## ABRËLL

| | |
|---|---|
| 5 | Briefing Sf1D |
| 6 | Sf1D Belval (bis 7. Abrëll) |
| 10 | Kinosowend |
| 12 | Entrevue MESR |
| 14 | Regrupp CV |
| 15 | Info CV |
| 16 | Entrevue CSJ |
| 18 | Call REEL |
| 22 | Info CV |
| 24 | KT (bis den 25. Abrëll) |
| 26 | Entrevue LSAP |
| 28 | Call VP |

## MEE

| | |
|---|---|
| 6 | Jugendpräis Gala |
| 12 | Regrupp CV |
| 20 | Foyer Global Health Call |
| 22 | Interview 100,7 |
| 27 | Repré CV |
| 28 | Info CV |
| 29 | 4. CV |
| 31 | AideFi |
| 31 | Entrevue MESR |

## JUNI

| | |
|---|---|
| 8 | Regrupp CV |
| 9 | Info CV |
| 28 | Entrevue Studentefoire |
| 29 | Regrupp CV |

## JULI

| | |
|---|---|
| 1 | Workshop CV |
| 2 | Grafik Call |
| 5 | Admissions Uni.lu Call |
| 6 | Conseil supérieur de l'Éducation nationale |
| 7 | AideFi |
| 8 | Info CV |
| 14 | Call VP |
| 15 | Luxemburger Wort Call |
| 17 | 5. CV |
| 19 | Entrevue Munhowen |
| 21 | Entrevue déi gréng |
| 22 | REEL Call |
| 22 | Info CV |
| 22 | Entrevue REEL |
| 24 | Summer AG |
| 29 | Entrevue Codex |
| 30 | Entrevue Gaming Cup |

## AUGUST

| | |
|---|---|
| 11 | Regrupp CV |
| 16 | Repré CV |
| 21 | Balversammlung |
| 23 | Entrevue Croix rouge |
| 24 | Interview RTL |

## SEPTEMBER

2 Info CV
4 6. CV
6 Entrevue Munhowen
7 Regrupp CV + AACEL
7 Interview Télécran
13 REEL Call
20 Entrevue Minister Kersch
24 **De Studentebal**
27 Entrevue Martine Hansen
30 Entrevue LASEL
30 Entrevue Foire de l'Étudiant

## OKTOBER

1 **Rentrée PK**
1 Interview Eldoradio
7 Plénière CSJ
7 **REEL München**
(bis den 10. Oktober)
14 Regrupp CV
18 AideFi
19 Entrevue Foire de l'Étudiant
25 **Foire de l'Étudiant – phase découverte**
(bis de 27. Oktober)
26 SI Lycée Ermesinde
27 Debriefing De Studentebal
28 **Foire de l'Étudiant – phase interactive**
(bis de 29. Oktober)
29 Table Ronde ANEIL
30 **Foire de l'Étudiant**
Journée de Rencontre

## NOVEMBER

9 Regrupp CV
11 Info CV
12 **KT Bréissel**
(bis de 14. November)
16 Call – Iessstänn TdN
17 SI Athénée
17 SI Nic-Biever
19 SI Emile Metz
22 TdN CV + AACEL
23 Entrevue VEW – Sf1D
25 Entrevue Luxair – Sf1D
25 Conseil supérieur de l'Éducation nationale
26 **Mini Studentefoire City Concorde**
(bis den 28. November)
27 Séance Info Maison de l'Orientation
29 SI Lycée Bel-Val
29 Entrevue Mediahuis

## DEZEMBER

7 Plénière CsJ
13 AideFi
18 7. CV
26 **Wanter AG**



# ACEL COMITÉ



**Benjamin KINN**
*President*
Coordination générale,
REEL

De Ben studéiert Medezin zu Frankfurt.
Verléint seng Jackett gären un den Tim.
Hie fuerdert all eenzelnen Bong zréck.
Hie wëll en Dackel fir d'ACEL.



**Polina Bashlay**
*VP Informatioun*
Coordination am Pilier,
GFE, GFD, Studentefoire,
Zoom, De Studenteguide,
Student fir 1 Dag

D'Polina studéiert Bauingenieur zu
München.
Hatt mengt hat wier dat coolsten.
An huet säi Pilier ni dobäi.



**Lynn Duchamp**
*VP Regruppement*
Coordination am Pilier,
De Studentebal, Tournoi
de Noël, Kinosowend

D'Lynn studéiert evolutionär Anthropologie
zu Wien.
Hatt ass d'Sekretärin vum Regrupp.
Mee kann net mat Technik ëmgoen.



**Michelle Heyder**
*VP Représentatioun*
Coordination am Pilier,
Ëmfro zur mentaler
Gesondheet, Impfung
fir Student:innen, REEL

D'Michelle studéiert American Studies
zu Berlin.
Hatt läit am léifsten tëscht de Better.
Hatt kann iwwerall schlofen.
Och wann hatt net soll.





**Lou PEPIN**
*Sekretär*
Rapporten, Mailen, Newsletter

De Lou studéiert (net méi) Education Secondaire zu Lëtzebuerg.
Hien ass eise Genderbeoptragten.
Hie gëtt séikrank. Ganz vill séikrank.



**Charel MARCY**
*Tresorier*
Budget, Rechnungen bezuelen

De Charel studéiert (net méi) Fahrzeugtechnik und Transport zu Oochen.
Hie verballert eise Budget beim Saufen.
Dofir spuert hie bei de Beierpräisser.



**Michel KLOMP**
*Responsabel Informatik*
Programméieren, Fixen, Internetsite verbesseren

De Michel studéiert Informatik zu Kaiserslautern.
A schéisst am Bus mat Konfetti ronderëm.



**Lara SCHNEIDER**
*Responsabel Grafik*
Grafik, Social Media, Internetsite designen

D'Lara studéiert Kulturwëssenschaft zu Berlin.
Hatt ass der ACEL hier Aktivistin.
Hatt mécht anere Leit hir Still futti.



**Vicky KLEIN**
*Comitésmember*
virtuelle Student fir 1 Dag, Studieninfo, GFD

D'Vicky studéiert Droit zu Strossbuerg.
Hatt ass den ACEL Insta-Fan #1.



**Yannick BERTRAND**
*Comitésmember*
Studentefoire, GFE, Student fir 1 Dag

De Yannick studéiert Geographie zu Freiburg.
Hie schafft ëmmer a kënnt ni saufen.
Hien ass dem Sven säin absolute Fanboy.
Kenns du schonn de Yannick Bertrand?



**Catherine NILLES**
*Comitésmember*
Studieninfo

D'Catherine studéiert (net méi) Psychologie an Anthropologie zu Aberdeen.
Mee wou ass hatt?



**Mathis MICHELS**
*Comitésmember*
Instaquiz, Tournoi de Noël, De Studentebal

De Mathis studéiert Informatik zu Oochen.
Hien drénkt virun 7 Auer moies Béier.
Hien drénkt no 7 Auer moies Béier.
Hien drénkt bëllege Béier.



**TIM KRIES**
*Comitésmember*
De Studentebal, Tournoi de Noël

Den Tim studéiert Economie a Gestioun zu Strossbuerg.
Hie wëll kee Stack am Aarsch hunn.
Awer bestellt net genuch Dixien.



**Belkisa TRIMI**
*Comitésmember*
Taxe d'habitation

D'Belkisa studéiert Droit zu Nanzeg.
Hatt ass der ACEL hiere Liblingsküken.
Hatt kann absolut net luussen.



**Charel KARIER**
*Comitésmember*
GIS, GEZ

De Charel studéiert Medezin zu Heidelberg.
Hien test den Drock vun der Dusch.
Hie schafft nemmen 1,5h/Woch fir d'ACEL:
Hie säfft dofir awer fir de Yannick mat.



**Sven BETTENDORF**
*Cooptéiert*
De Studentebal, Tournoi de Noël, REELs President

De Ben Svettendorf studéiert Chemieingenieur zu München.
Hien ass schonn éiweg dobäi.
Hien ësst dem Polina seng Champignonen.



**Ann BERTEMES**
*Cooptéiert*
Student fir 1 Dag, Foiresiessen, De Felix

D'Ann studéiert fir Joffer zu Léck.
Hatt ass déi beschte Camionette-Chauffeuse.
Bei him gëtt all Mensch zur Mausi.



**Cédric HEINTZ**
*Cooptéiert*
De Felix

De Cédric studéiert Raumplanung zu Wien.
Hien ass eisen Neuzugang.
Hie schenkt dem Sven gäre Kaddoen.

# INTERCERCLEN 2021

Eis Cerclen organiséieren dat ganzt Joer iwwer verschidden Intercerclë bei hinnen an der Studiestad wéi och zu Lëtzebuerg. Op dësen Intercerclë kënnen all d'Lëtzebuerger Student:innen zesumme kommen, egal op sie zu Heidelberg oder a Groussbritannien studéieren, sie brauche just eng Memberskaart bei engem Cercle ze hunn.
D'Eventer u sech sinn och ganz verschidden: Oochen a Karlsruhe maachen en Cafésrallye, zu Stroossbuerg gëtt et Tarte Flambée à volonté, mat de Fribourger kann een e Weekend Ski fuere goen, zu Léck oder Zürech gëtt et ee coole Rallye an zu Köln kann ee mat honnerte Lëtzebuerger den 11.11 feieren. Eis Éisträichesch Cerclen organiséieren dann nach den Ugly Skiing Day zu Innsbruck oder d'Saufest zu Wien laanscht d'Donau.
Sou een Intercercle ass heiansdo just op engem Dag/Owend an der Woch oder awer iwwert e ganze Weekend verdeelt. Meeschtens kritt een och Schlofplazen ugebuede wou een da gratis ka bei de Student:innen an hirer Studiebud iwwernuechten. Duerch dës super Méiglechkeet huet een d'Chance vill Stied kennenzeléieren ouni ëmmer en deieren Hotel mussen ze bezuelen, an d'Stad kritt een och nach gewisen.

**Cafésrallye zu Karlsruhe**

Um Cafésrallye zu Karlsruhe hunn eng 70 Lëtzebuerger Student:innen sech um 18h beim Chrëschtmaart getraff fir vun do aus a Gruppe vu 15 den éischte Café ze starten, wou nieft engem Froebou och nach 2 Spiller ze meeschtere waren. No 3 Caféen a 6 Spiller hunn mir eis all an enger Bar getraff wou de Gewënner annoncéiert gouf an hunn d'Nuecht ausklénge gelooss.

**Kölle Alaaf zu Köln**

Wéi all Joers, wann net grad Lockdown ass, huet den 11.11 zu Köln de Kölle Alaaf Intercercle ugefaangen. Um 10h moies hunn sech eng 250 Lëtzebuerger Student:inne bei den Uniwiesen getraff fir pünktlech um 11h11 an déi 5. Joreszäit eranzefeieren. Op der Zülpicher Strasse huet sech den Dag bis an de spéiden Owend gezunn.

**Clear the Bottles zu Zürech**

Um Clear the Bottles zu Zürech hunn 130 Student:innen sech Freides Owes bei enger leckerer Kéisfondue getraff a sinn duerno nach an de Club feiere gaangen, Samschdes Mëttes huet de Rallye duerch dat schéint Zürech ugefaangen a bis an de fréien Owend gedauert. Samschdes owes dunn am Club huet deen eigentleche Clear the Bottles ugefaang – d'Fläsche sollen alleguer eidel ginn, 220 Student:innen hunn heibäi gehollef!

**Bluttspend-Marathon**

Am Kader vum Weltbluttspenddag, de 14. Juni 2021, huet d'ALEM hiren éischten Intercercle mam Numm „Bluttspend-Marathon" lancéiert. Dobäi konnten d'Participant'en wärend engem Mount Vollblutt, Plasma oder Thrombozytte spende goen an dëst a Form vun engem Fotosbeweis fir de Compte vun hirem Cercle opschreiwe loossen. Och Leit déi net zur Spend zougelooss goufen, konnte fir hire Cercle ee méi klenge Bäitrag maachen. Wou ee spende gaangen ass, war egal – zu Lëtzebuerg bei der Croix Rouge, a senger Unistad bei engem vergläichbare Service oder nach ganz enzwousch anescht. 25 Participant'en waren zu Lëtzebuerg an 68 am Ausland spenden. Gewonnen huet den AVL Oochen, déi säit der éischter Woch un der Spëtzt vum Ranking waren an all Woch nach nei Spender dobäi gesammelt hunn.

**Lëstlé Rallye zu Léck**

Vum 25. bis den 27. Juni huet den Lëstlé Rallye Intercercle statt fonnt! De Wëllkomm-Patt war Freides Owes am Stammcafé "Take Off Café", am Zentrum vun Léck. No der obligatorescher Fermeture vum Café ass et weider op enger After um Bord vun der Meuse gaangen. Am spéiden Samschden Moien hunn war erëm Treffpunkt am Take Off, vun wou aus no engem klengen Apero déi 4 Rallyes Gruppen gestart sinn. Um Rallye sinn d'Spiller vun A wéi Affond bis Z wéi Zerstéiert gaangen an hunn de Gruppen alles ofverlaangt, zemools d'Bonuspunkten fir d'Special Shots. Fir den Owend ofzeronnen ass et weider an eisen Stammcafé gaangen, wou jiddereen nach ëmmer héich motivéiert war, den Saufpokal war jo ëmmerhin nach net entscheet. Wéi schonns Freides Owes ass et rëm op eng After bei d'Waasser gaangen fir den Owend auskléngen ze loossen. Am spéiden Sonnden Moien war dunn e Brunch am Parc de la Boverie. Wärend dem Brunch ass och nach den Gewënner Cercle vum Saufpokal bekannt ginn: Den Willy huet mat wäitem Ofstand, steetegem an virun allem vollen Asaz den Saufpokal verdéngt fir d'aACEL gewonnen.

# STUDENT FIR 1 DAG - LUXEMBOURG EDITION

Dëst Joer ganz nei am Sortiment vun den ACEL's Evenementer: Student fir 1 Dag – Luxembourg Edition. Dee Student fir 1 Dag stoung dëst Joer ganz ënner dem Motto:  Student:inne komme bei d'Schüler:innen an net ëmgedréint wéi et soss bekannt war.

Mee dann emol vum ganzen Ufank un. Voller Motivatioun a mat dem Gedanken, dass eng weltwäit Pandemie net iwwert 1 Joer undauere kann, hu mir gemittlech mat der Organisatioun vum traditionelle Student fir 1 Dag ugefaangen. Bis Februar ass och alles no Plang gelaf. Mir stounge kuerz virun der Opmaachung vun den Umeldunge fir d'Schüler:innen an alles war esou wäit prett; Voyage Emile Weber, d'Cerclen an natierlech och mir. Mee do hunn mir wuel vergiess de Virus ze invitéieren, den eis dann och schlussendlech ee Stréch duerch d'Rechnung gemaach huet. Wéi ëmmer...

No der Ofso vum traditionelle Student fir 1 Dag am Februar hu mir schnell no Alternative gesicht. Zur Auswiel stoungen, wéi een dat scho vun der Uni kennt, komplett online, hybrid oder awer komplett present. Mat enger klenger „No Risk, no Fun" Attitüd an enger grousser Sehnsucht no Evenementer, wou een endlech erëm perséinlech Kontakt kann hunn, ass d'Entscheedung relativ schnell gefall.

Mat engem Infospilier, deen ee sech net besser virstelle konnt, gouf dann direkt dat präsens Event ugegraff an no konkrete Konzepter gesicht. Annerhallwe Mount gouf vill diskutéiert, organiséiert, geschweesst a wéineg geschlof. Mee esou stoung Ufank Abrëll de Student fir 1 Dag – Luxembourg Edition virun der Dier. Den 6. Abrëll ass et da lassgaangen um Uni.lu Campus um Belval. Fir d'Schüler:innen huet den Dag um 8.00 ugefaange mat enger Präsentatioun vun der ACEL an dem Service „Aides financières" vum Héichschoulministère. D'Cerclen hu missen an der Zäit d'Technik an hirem Raum un d'goe kréien.



*Wann ee geduecht huet, dass d'ACEL do voll am Stress war an hin an hier renne misst fir ze kontrolléieren, dass alles no Plang leeft oder am Fall wou net, no schnelle Léisunge sicht, falsch geduecht. Ok also net ganz falsch geduecht, puer vum Comité hunn och den Dag mat dem Stress ugefaangen, aner hunn awer mol gemittlech de Béierdeckel poppe gelooss fir mat engem geféllte Mo an den Dag ze starten.*

Elo erëm zeréck bei d'Event: no der Presentatioun goufen d'Schüler:innen dunn an hir ugemellte Stied agedeelt a krute 75 Minutte vu Cerclen all méiglech Informatiounen un de Kapp geheit. Voll getankt mat wichtegen Tipps, Tricks a Links, konnt een no all Zäitslots déi nächst Stad mam selwechte Schema besiche goen. D'Langschläfer goufen och net vernoléissegt a konnten den Dag eréischt um 13.00 starte mat der Presentatioun vun der ACEL/MESR. Nom selwechte Prinzip gouf den 7. Abrëll de Student fir 1 Dag ofgehalen, just mat neie Stied.



Um Programm stounge folgend Stied:

**6. Abrëll**

| | |
|---|---|
| Berlin | Karlsruhe |
| Bonn | Köln |
| Frankfurt | München |
| Freiburg | Oochen |
| Heidelberg | Saarbrécken |
| Kaiserslautern | Tréier |

**7. Abrëll**

| | |
|---|---|
| Amsterdam | Maastricht |
| Bréissel | Nanzeg |
| Fribourg | Stroossbuerg |
| Innsbruck | Wien |
| Léck | Zürech |

No 26 Stonnen op den Been an iwwert 200 informéiert Schüler:innen, ass dëst Event ënnert dëser Form fir dëst Joer op een Enn gaangen. Mir huelen aus dem Student fir 1 Dag ee ganze gudde Feedback eraus a kënne soen, dass mir mat der Hëllef vun iech an natierlech och dem Héichschoulministère déi Editioun gerockt hunn.

Een decke fette Merci un iech all, déi un der spezieller Editioun gehollef hunn an och dem MESR besonnesch dem Här Mirko Mazzi, den eis déi 2 Deeg wärend sengem Congé ënnerstëtzt huet!

Mir freeën eis elo schonn op d'Editioun 2022 a loossen eis iwwerraschen ënnert wéi enger Form den nächste Student fir 1 Dag stattfanne wäert.

Wann s du méi Detailer iwwert den Oflaf vum Sf1D-Lux Edition
wëlls wëssen, besich eisen Internet-Site acel.lu/sf1d

# DE STUDENTEBAL

En Event an Coronazäiten ze organiséieren ass keng einfach Aufgab. De Studentebal ze organiséieren ëm sou méi schwéier.  Bis kuerz virun der Summervakanz huet nach ganz villes onméiglech gewierkt, mee dunn huet et puer Méint virum Bal geheescht: Grünes Licht a lass mat der Organisatioun! De Schweess ass gelaf, d'Ärem an Been waren owes midd, mee no 2 Dee haarder Arabescht war d'Material montéiert an d'Stänn gerecht fir de groussen Owend.
No kuerzer mee intensiver Organisatioun war et de 24. September erëm sou weit: „Get ready a lass op den Bouillon fir de Studentebal 2021!"
D'Stëmmung war trotz nemmen 2000 Leit amplaz vun 4000 Leit phänomenal. 21 Cerclen op 7 Comptoire verdeelt, hunn d'Visiteuren mat hiren Special Drinks verwinnt, wärend 1 Cercle déi Hongreg mat Thüringer, Burger, a wiederem leckerem Iessen gesiedegt huet. Fir sensationell Musek hunn dëst Joer den DJ Dasic an den DJ Nosi gesuergt. Vun 8 Auer owes bis an déi frei Moiesstonnen huet een dann rëm konnten um Bouillon mat sengen Kolleege feieren.
Mir bedanken eis bei all den Cercle, der Aacel an all de Leit déi ons gehollef hunn fir eng erfollegräich 20. Editioun vum Studentebal.

Mir freeën eis elo schonn op de Studentebal 2022, bis geschwënn!



# STUDENTEFOIRE

An Zäite vun enger Pandemie ass et natierlech net einfach Eventer ze organiséieren, mee nodeems mir alles ginn hunn, konnte mir de Student fir 1 Dag a Präsens stattfanne loossen. E Succès dee fir sech schwätzt. Souguer den Héichschoulministère war beandrockt vun eisem Konzept, soudass si doriwwer nogeduecht hunn dat nämmlecht Konzept och fir Studentefoire ze benotzen. Voller Freed hu mir geduecht, net méi brauche virun de Bildschiermer ze setze fir Schüler:innen a Student:innen ze informéieren a hunn eis scho virgestallt iwwert e puer Deeg nees Leit erëm kënnen ze gesinn a soziale Kontakter opbléien ze loossen. Eng Freed oder besser gesot eng Virstellung, déi eis séier nees geholl ginn ass, wéi eis matgedeelt ginn ass, dass den Online Deel nees stattfanne wäert.

Komplett baff an irritéiert dovunner hunn Cerclen sech misste Gedanke maachen, wéi si dann elo sollen hir Broschüren, hir Gadgeten a soss alles wat si nach sou fonnt hunn, lass ginn? No villen Nuechten ouni Schlof ass dunn eng Erliichterung komm. Déi wichteg Studentefoire soll dëst Joer méi Facettë kréien: niewent enger neier Plattform fir den online Deel, soll een Deel a Präsens stattfannen, wéie mam Slogan „Journée de rencontre“ betitelt ginn ass.



# STUDENTEFOIRE

Foire de l'Étudiant ◆ Student Fair ◆ Studierendenmesse

Nodeem déi virtuell Stänn op der Plattform schéin dekoréiert gi sinn ass et dann och Donneschdes, den 28. Oktober fir eis lass gaange mat der Studentefoire 2021. Mat voller Energie a ville Leit aus dem Comité ware mir prett fir déi vill Schüler:innnen a Student:innen Ried an Äntwert ze stoen. Iwwert déi 2 Deeg huet et ganzer 8 Mol um Stand gebimmelt a mir hunn eis missten intern am Comité streide wien dann elo dierf der Persoun an der Waardeschlaang weiderhëllefen. Et war eis eng immens Freed konnten 3 Schüler:innen bzw. Student:innen ze informéieren, well 5 Mol waren et Leit aus de Comitéë vun eise Cerclen. Mir waren frou och eis mat hinnen ze ënnerhalen, well soss hätte mir just kéinte Selbstgespréicher mat eise Bildschiermer féieren.

Alt nees enttäuscht vun deenen 2 online Deeg hu mir eis du Samschdes, den 30. Oktober an de Gebailechkeete vun der Uni Lëtzebuerg versammelt fir d'Hoffnung net opzeginn kënne mat Schüler:innen a Student:innen an d'Gespréich ze kommen. Ënnert dem Covid Check Regime konnt dunn endlech déi „richteg" Studentefoire lassgoen a um Belval war wärend Stonnen eng méi lass. Vill Schüler:innen a Student:innen hunn de Wee op de Belval fonnt a konnten sech all déi néideg Informatiounen iwwert hiren zukünftege Studium a hir zukünfteg Studienstad siche goen, soudass den Deel a Präsens am Verglach zum online Deel vu Succès gekréint war.

# REEL 2021 ZU MÜNCHEN

Et sinn elo schonns bal 2 Méint hir säit menger éischter Reel an awer hunn ech nach ëmmer esouvill Erënnerungen, dass ech d'Gefill hunn et wier leschte Weekend gewiescht an et hätt eng ganz Woch gedauert.
Mëttwochs Owes hu mir eis op de Wee gemaach an d'Däichwisen, fir do mat den anere Studenten de Bus a Richtung München ze huelen. Nodeems all Mënsch seng Platz fonnt hat an de Buschauffer Marc eis d'Spillreegelen erkläert hat ass et lass gaangen an déi eicht Béchsen hu gezischt. Puer Ronne Mariokart, déi eng oder aner Partie KontraMitt an 3 Bidone Fiederwäisse méi spéit ware mir och schonns zu Karlsruhe, wou nach eng geckeg Dose Verdréchenter sech eis ugeschloss hunn. Den haarde Kär ass och dunn nach net schlofe gaangen an huet eisem Buschauffer dat eent oder anert Lidd zum Beschte ginn.
Zu München ukomm si mir dunn um Parking Garching virun der TUM vum REELs Comité empfaange ginn an och all déi aner Student:innen hu sech do afonnt. No enger Taass Kaffi mat alt méi, alt manner extra Zutaten, an enger mat Léift geschmierter Bretzel hu mir eis op de Wee an d'Motorworld gemaach wou mer als ACEL d'Aufgab haten 3 Workshoppen ofzehalen. Zu den Themen „De Cercle a seng Memberen", „D'ACEL an d'Kommunikatioun mat de Cerclen" an „Events organiséieren zu Lëtzebuerg an am Ausland" hu mir méi oder manner fit eis mat de Student:innen ausgetosch an esou Feedback fir d'Zukunft gesammelt. Mëttes ware mir du bis an d'Osteria da Massimo eng lecker Nuddel iessen a sinn déi éischte Kéier mat de Münchener hirem ausgeklügeltem Post-It-System a Kontakt komm. Réckbléckend hätt ech hei schonns sollen ufänken se ze sammelen, oder en klenge Stopp am Münchener Libo aleeën. Bon soit. No laangem Hin an Hir war et dunn awer méiglech Béier & co ze bestellen, deen hu mir jo schliisslech gebraucht fir déi éischt Dësch an d'Luucht vun dësem Weekend ze sangen. Zeréck an der Motorworld war et elo un de Partnervirträg. Obwuel déi éischt well ënnert de Still louchen en taktesche Powernap ze halen, huet dach déi eng oder aner Presentatioun iwwerzeegt an eis Ingenieur- an Ekonomiestudenten




si wéi ëmmer op hir Käschte komm. Dat einfacht Vollek huet probéiert d'Aan opzehalen a war a Gedanke schonns op der Partnerfoire oder besser gesot dem domat verbonnene Patt.
Kuerz drop war et dann och esou wäit. Endlech… Och wann déi meescht vun eis jo een Dag ouni auskommen, war d'Virfreed dach grouss an esou hu mer eis et dunn och net huele gelooss mat dem engen oder anere Glas Wäin zesumme mat de Partneren unzestoussen. Elo hate mir Zäit bei de verschiddenen Acteure laanscht ze goen, mat hinnen ze poteren an deen een oder anere Gadget matzehuelen. De Walking Dinner huet den Ofschloss vum offiziellen Deel vun dësem éischten Dag gemaach an nodeems schonns fir drëtt de Wäin aus war a genuch mat de Glieser jongléiert gouf, hu mir eis op de Wee an de Maxes² gemaach fir do a geschlossener Gesellschaft bis spéit an d'Nuecht den Dag ausklénge ze loossen.

No enger éischter kuerzer Nuecht ass et du Freides Moies mat ganz ënnerschiddleche Visitte weider gaangen. Vun NS-Dokuzentrum iwwer Konschtmusee bis hin zu Mayer-Leibnitz-Institut war fir all REELaner:in eppes dobäi. Mëttes hu mir dunn am Hans im Glück giess an hir Toiletten zum Vestiaire ëmfunktionéiert, éier mer an eis Gruppe vum Rallye opgedeelt gi sinn. De ganze Mëtten iwwer si mir duerch München gezunn, hu gesammelt wéi Kleptomanen an dat eent oder anert ACEL Lidd gesongen. Dem Chrëscht seng Ekipp gouf ugefeiert an de Sven Bollendorf opgefuerdert säin Hochzäitsgeschier ze weisen. Huet en awer net gemaach. Op een Neits. Am Löwenbräu Keller gouf dono mat Käsespätzle oder enger Schwengshax den Honger gestëllt an zesumme si mir an den Call me Drella weidergezu fir d'Soirée publique.

Samschdes war wéi gewinnt d'Politik un der Réi. Mat de Busser hu mir eis op de Wee an d'Scholastika gemaach an eis all schéi brav dohi gesat. Fir d'éischt war et um Honorarkonsul fir Lëtzebuerg zu München, dem Här Axel Gränitz, deen eis a sengem Monolog am Fong all seng Entreprisen opgezielt huet an eis encouragéiert huet déi Erfarungen am Ausland net ze meiden. Dono war et um Educatiounsminister. Och hien huet eis vu senge jonke Joren erzielt a wéi et hien du rëm zeréck op Lëtzebuerg gezunn huet. Eng Richteg Äntwert op Thema „Fäerdeg mam Studium, an elo? Lëtzebuerg oder d'Welt" krute mer awer net. Mir hu jo nach de ronnen Dësch Mëttes. Fir d'éischt si mer awer nach an d'Weinhaus Neuner puer edel Maufelen iesse gaangen. Hei souz ech um Dësch vun den Invitéen. Krut aus onverständleche Grënn schonns am viraus gesot ech misst mech behuelen. Gesagt getan, mee am Endeffekt waren eis Dëschnopere manner u politesch aktuellen Themen interesséiert mee éischter un eisem Studenteliewen an esou hu mer eis een dem aneren eis beschte Geschichten erzielt. Nodeems mer den Drei-Gänge-Menu gepackt haten an verschiddener gutt a schlecht Bekanntschaften op der Toilette geschloss hunn ass et nees zeréck an d'Scholastika gaange fir d'Table Ronde.
Moderéiert vum Jans'ens hirem Pier hu sech déi verschidden Invitéen iwwert Thema vun dëser Reel ausgetosch a Pro a Kontra vun engem Retour op Lëtzebuerg diskutéiert.
Dono goufen dunn nach Fotoe gemaach. All méiglech Konstellatiounen huet ee gesinn. Och déi traditionell Prési-Foto gouf geschoss. Alt erëm: Président montre nous tes.. Mee erëm goufe mer ignoréiert. Villäicht waren se och einfach nach net prett. Mee d'REEL war jo nach net eriwwer. Zesumme si mir dunn an d'Reitschule gefuer fir eis Soirée Chique kennen ze féieren. A flottem Kader hat sech de REELs Comité all Méi gemaach fir dësen Owend onvergiesslech ze getsalten. An der Fotobox konnte mir des Erënnerungen och am Bild festhalen an den DJ huet all eis Wonschlidder vun High School Musical Klassiker bis hin zum Lac du Connemara opgeluecht. Just Colette & Fernand haten se net am Angebot. Bis spéit an d'Nuecht era gouf gefeiert an och zeréck am Hotel huet net jiddereen direkt de Wee -mol gewollt, mol ongewollt- zeréck an d'Zëmmer fonnt.

Sonndes ass een du méi oder manner gutt opkomm. Schnell nach alles an d'Valise gedréckt a schonns hu mer eis erëm op de Wee gemaach. Déi eng an d'Slyrs Distillerie a mir an d'Therme Erding. Genau, dat ass déi Schwämm wou de Beruffs-Schnitzel-Tester Jumbo Schreiner vu Galileo ëmmer d'Rutschen test. Och wann et verschiddener vun eis net an de Reefer gehalen huet, hate mir dach ee gelongene Virmëtteg an si mat hongrege Bäicher an dat bekannten Hofbräuhaus. Wärend dem Mëttegiesse goufen d'Gewënner vum Rallye verkënnegt an och wéi dat sech gehéiert d'Miss a Mister REEL. Eng lescht Chance dem Ben Svettendorf ee Lidd ze sangen. E wollt net.
Mat deene puer Stonne Schlof aus de lëschte 4 Nuechten hu mir eis all erëm an de Vandivinitsbus geschleeft an um Parking Garching huet sech all Mënsch op seng Heemrees gemaach.
Mir soen an Numm vun allen REELaner:innen dem REELs Comité een décke Merci fir déi vill Aarbecht déi si geleescht hunn a si gespaant vu wou mer nächst Joer eng Invitatioun geschéckt kréien. #wdv



ACEL
de Studentevertrieder